In memoriam Paul Schuster

Mit Ecken und Kanten

Photo: Bettina Schubert

Paul Schuster, wie er uns in Erinnerung bleiben wird

Es scheint unfassbar, dass man seine wohlklingende, knorrige Stimme nicht mehr hören soll, dass er nicht weiter von seinen Schützlingen, den Vertriebenen und Verwundeten der Gesellschaft, reden wird, dass er nicht wieder, weit ausschweifend, eine jener Erzählungen beginnen wird, bei denen man sich immer wieder fragen muss, wo er sie hinführen will.

Klar, wer das Knappe und das Konzise liebt, den konnte er schon ungeduldig werden lassen, der Paul, der so gerne nach Luxemburg kam und immer wieder erzählte, wie er einen Schock bekam, als er bei Remich erstmals ins Land einfuhr und im Autoradio plötzlich eine Sprache hörte, die so klang, als sei er wieder „daheim", in Siebenbürgen, und dann erläuterte er noch, dass er festgestellt hatte, dass das, was man im Norden Luxemburgs spricht, dem verwandt ist, was im Süden von Siebenbürgen gesprochen wird, und umgekehrt.

Erinnerungen kommen auf: an die ersten Begegnungen, die Josy Braun vermittelt hatte, und an seine „Schreibwerkstätten" im Rahmen der Sommerakademie, von 1984 bis 1986, und danach wieder von 1997 bis 2001.

Es war danach nur selbstverständlich, dass Paul Schuster einer meiner ersten Gäste für das Kolloquium „Europa 2000", war, das ich Ende September 1991 im Escher Theater abhielt. Er animierte die deutschsprachige Gruppe mit eben jenem Engagement, das ihm eigen war. Auf ihn gehen denn auch die entscheidenden Sätze der Schlusserklärung zurück:

„Große Besorgnis erfüllt die Teilnehmer angesichts der Erstarkung rechtsradikaler, ausländerfeindlicher Manifestationen und Gewaltakte gegen Roma und Sinti, Schwarzafrikaner, Türken, Tamilen und viele andere; der zunehmenden Sympathie weiter Bevölkerungskreise für diese Manifestationen und Gewaltakte; des Schweigens der einst führenden Köpfe der westeuropäischen Linken, die sich vor dem Zusammenbruch des Ostblocks entschieden für die Achtung der Menschenrechte eingesetzt haben. Mit gleicher Besorgnis stellen die Teilnehmer fest, dass die interethnischen Konflikte im Osten und Südosten Europas zunehmend von klerikalen Kreisen angeheizt werden".

So war, Paul, engagiert und direkt, ehrlich bissig und dazu voll hintergründigen Humors.

Paul, sei bedankt für alles. Du bleibst in unser Erinnerung als ein Mensch mit Ecken und Kanten und einem großen Herzen, wie Dein engster und längster Freund aus Luxemburg, Josy Braun, uns nun bestätigen wird. Liebe Ingrid, wir trauern mit Dir.

Guy Wagner

De Paul Schuster

Et war am Hierscht 1975. An engem Belgrader Hotel, deem säin Nummmer mer entfall ass (an dat haut anescht heesche wäert), hänken nach géint Hallefnuecht eng drësseg Schrëftstellerinnen a Schrëftsteller aus der ganzer Welt un der Téik vun der Pianobar; agelueden op e Kongress vun de serbesche Schrëftstëller.

E gewëssen Ableck schléit ee mer mat der Hand op d'Schëller. Ech dréie mech erféiert ëm, well ech weess, datt ech hei wäit a breet kee Mënsch kennen. Ech kucken an en hondsfriemt Gesiicht mat Baart, an dee Frieme freet: „Bass du den d'Jossy Braun?" „Jo", soen ech, verwonnert, Lëtzebuergesch ze héieren. An du seet deen aneren:„ Ma ech sinn den Paul Schuster a kommen aus Siwenbiergen. Da kanne mer äis jo op Lëtzebuergesch anderholen".

Sou hunn ech de Paul Schuster viru ronn 30 Joer kenne geléiert. Et war den Optakt vun enger laanger Frëndschaft, vu géigesäitegem Besichen a fir mech vun enger grousser Beräicherung.

De Paul Schuster ass 1930 zu (Sibiu) Herrmannstadt a Rumänien gebuer an elo de 5. Mee zu Berlin gestuerwen, wou hien zënter 1972 gelieft huet. Säi grousse Roman „5 Liter Zuika" – „Zuika" ass eng Zort „Quetsch" –, e Buch vun iwwer 900 Säiten, beschreift d'Liewen a Siwebiergen tëschent den zwéi Weltkricher. E Roman, dee bei senge Landsleit net zum Beschten ukoum, well de Paul Schuster hinnen de Spigel vun hirer allgemenger Nazifrëndlechkeet am II. Weltkrich virun Aen hält. 't ass méiglech, datt dës Hostilitéit an enger stackkonservativer Heemecht (paradoxerweis an engem deemools kommunistesche Land) derzou bäigedroen huet, fir als iwwerzeegtene Sozialist fréizäiteg a fräiwëlleg an den demokratesche Westen ze plënneren.

Hien ass e politesche Schrëftsteller bliwwen. Wie mol bei him zu Berlin um Paul-Linke-Ufer oder spéiderhin an der Friedenauer Fregestrasse war an nieft sengen dausende Bicher déi sellegen Dossieren mat Zeitungsausschnëtter iwwert d'Welt-, d'Europapolitik zënter '45 gesinn huet, dee bezweiwelt dat net. Et brauch een nëmmen an senge leschte Schrëfte wéi „Meine Hauptjuden und meine Nebenjuden" an „Die Amselwaage" ze liesen, fir ze verstoen, wat fir e schaarfe Bléck a Verstand him seng politesch, mä literaresch agepaakten Analysen erméiglecht hunn.

„Der Sinn des Lebens: Bekommen und weitergeben", heescht en Zitat vum Paul Schuster. Hie war nët nëmme Schrëftsteller, mä och Iwwersetzer aus dem Rumäneschen fir Publikatiounen an der DDR, an Ungarn, Éisteräich an der Bundesrepublik. Do huet hien nieft ville literaresche Radiossendungen an iwwer 300 Schreifatelieren (souguer a Prisongen) deenen ënnerschiddlechste Leit d'Loscht un der literarescher Kreativitéit vermëttelt. An där Funktioun war hien eben och Gaaschtdozent an der Lëtzebuerger Summerakademie. Bei deene Geleeënheete konnt hien dat Ländchen, déi Géigend méi no kenne léieren, aus där seng Virfuere viru ronn 800 Joer ausgewandert sinn.

Datt se lo zu Sibiu e „Luxemburg-Haus" ageweit hunn, dovu konnt hien sech net méi selwer iwwerzeegen. Hie war e Mënsch mat „Ecken a Kanten" wéi se däi Säit soen, e verbassene Schaffert, mä och déi gréissten Energie notzt um Enn näischt méi. De Paul Schuster, dee mol een „der bekannteste unter den unbekannten Autoren Deutschlands" genannt huet, konnt mat 74 Joer net méi alles fäerdeg schreiwen, wat hien nach um Schantjen hat.

Seng lescht Rou huet hien um klenge „Künstlerfriedhof Friedenau" fonnt, wou och d'Marlene Dietrich begruewen läit.

josy braun